Rapport vun der Commission d'enquête SREL

# Déclaratioun vum LSAP-Fraktiounspresident Lucien Lux

5.7.2013

1. D'LSAP huet haut de Rapport vun der Commission d'enquête iwwert de Geheimdéngscht matgestëmmt, an domat och d'politesch Responsabilitéit vum Premierminister an dëser Affaire constatéiert.

   De Vote ass an all sénge Facetten a Konsequenzen gutt iwwerluegt .

   Mir hunn dat an absoluter Onofhängegkeet gemaach. Mir hunn eis an eiser Beurteelung an Décisioun vu kengem dra schwätze gelooss, sou wéi och virun 3 Wochen net an der Affaire Frieden / Biever.

2. D'Enquête-Kommissioun hält an hirem Rapport d'politesch Responsabilitéit vum Premierminister fest.

   De Respekt verlaangt, dass dee concernéierten elo Zäit huet fir de Rapport ze liesen a fir mat sech selwer zu Chouer ze goen, wat fir eng Schlëss hien doraus zitt.

   D'Positioun vun der Kommissioun ass kloer an däitlech. Mir kënnen den Ënnerscheed maachen tëschent der politescher Liewensleeschtung vum Premierminister engersäits, an den Dysfonctionnementer am SREL anerersäits, fir déi hien selwer ugekënnegt huet, d'politesch Responsabilitéit wëllen ze iwwerhuelen.

3. Mir bedaueren, dass d'CSV géint de Rapport gestëmmt huet. Dat gëtt eiser Aarbecht, ënnert der Présidence vum Alex Bodry, dem Versuch équilibréiert, à charge et à décharge ze schaffen, net gerecht. D'Unanimitéit hätt haut der Châmber gutt zu Gesiicht gestan.

4. Iwwer d'politesch Responsabilitéit an iwwer éventuell personell Konsequenzen eraus, brauch dest Land e neien Ufank. Mir kënnen a wëllen dofir Neiwahlen net ausschléissen. Mir sinn och do bereet eis Verantwortung ze droën.